N°5192
Reçue le 13.12.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klimat an nohalteg Entwécklung, op d'parlamentaresch Fro n° 5192 vum 8. November 2021 vum honorabelen Deputéierte Marc Lies**

De genannten Avis, deen am Aklang zur Prozedur déi d'Gesetz vum 29. Mee 2009 virgesäit, ausgestallt ginn ass, ass den 22. November 2021 vum Ëmweltministère u mech iwwermëttelt ginn.

Dësen Avis gëtt am Abléck vu mengen zoustännege Servicer analyséiert. Dobäi gëtt zu verschiddenen Elementer Stellung geholl, déi dann och a den Dossier afléisst, deen uschléissend an d'ëffentlech Consultatioun geet.

Konform zum Artikel 7 vum uewe genannte Gesetz, gëtt den adaptéierten Dossier also Mëtt Januar 2022 a der Gemeng Hesper deposéiert. Dëst ass déi Etapp an dem de Public den Dossier op der Gemeng ka consultéieren an seng Observatioune respektiv Objektiounen äussere kann.

Uschléissend an am Respekt zum Artikel 8 vum Gesetz vun 2009, gëtt de Regierungsrot mam Dossier zesumme mam Resultat vu der Consultatioun an der Gemeng Hesper a de ugrenzende Gemenge befaasst. De Regierungsrot huet dann all d'Informatioune betreffend dësem Projet virleien a decidéiert wéi eng Variant soll realiséiert gi mat dem Ëmfang vu de Kompensatiounsmoossnamen.

Doropshi kann da souwuel de Bauprojet vum Contournement wéi och de Projet vun de Kompensatiounsmoossname weider ausgeschafft ginn, bis zu engem Niveau, ob Basis vun dem ee Finanzéierungsgesetz an der Chamber kann deposéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 13/12/2021

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch